Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Wéi d'Website *airliners.de mellt*, gëtt zu Frankfurt aktuell ee Fuerschungsprojet duerchgefouert, deen als Zil huet, de Kaméidi an den Dreifstoffverbrauch vu Fligeren ze reduzéieren. De sougenannten "*Low Noise Augmentation System",* ofgekierzt "LNAS", reguléiert den Undriff vum Fliger duerch een exakt Virplange vum Of-an Ufluch ënner Matabezéie vu verschiddene Variabelen, wéi zum Beispill Wand– a Wiederconditioun. Doduerch soll de Kaméidi, dee vun engem Fliger ausgeet, op ee Minimum reduzéiert ginn. Och hei am Land si Mënsche vum Fligerkaméidi betraff an d'Regierung huet am Koalitiounsaccord Mesuren ugekënnegt, fir déi Betraffenen z'ënnerstëtzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister Kenntnis vum LNAS an existéiert vu Regierungssäit aus een Intressi um Projet?

2. Gëtt et vu lëtzebuergescher Säit aus Interessi den LNAS an Zukunft och hei zu Lëtzebuerg anzesetzen?

3. Wéi eng technesch Projekten ginn aktuell zu Lëtzebuerg duerchgefouert fir de Kaméidi, dee vu Fligeren ausgeet, ze reduzéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député